

Lëtzebuurger Guiden a Scouten
Equipe d'animation spirituelle EAS
5, rue Munchen-Tesch
L-2173 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14.04.2024

Moien,

Du hues dech ugemellt fir de PS-Nuetsweekend. Hei elo déi lescht Informatiounen:

Mir begéinen eis **Samschdes, de 20ten Abrëll um 22:00 zu Jonglënster** vrun der Kierch (déi ass einfach ze fannen :D). De PS Weekend ass bei all Wieder och bei Schnéi an Knëppelsteng :), do dech also deementsprieche un.

!!! Mir ginn tëschent 20 a 25 Kilometer zu Fouss vu Jonglënster bis an d'Stad !!!

Bréng w.e.g. mat:

- **Uniform a Foulard**
- Eng Täscheluucht
- Eng Warnvest
- Wanderschong
- Anstänneg Kleeder fir bei all Wieder
- E Bidon Waasser
- Eppes géint de géien Honger fir ënnerwee
- D'Fiche médicale
- ...a gutt Laun :)

Moies ier mer an der Stad ukommen iesse mer nach zesummen zu Moien. De Schluss ass dono **géint 7:30 bei der Kathedral**. Hei fänkt dann (um 7:30) d'Pélé des Jeunes Feier (den Ufank vun der Oktav) un fir déi Leit déi wëlle matgoen.

De Präiss vum Weekend ass 10,00€. D'Facture heifir kënnt no.

Falls de awer elo net kanns matgoen, mell dech w.e.g. sou séier wéi méiglech iwwert Email of. (georges.faber@lgs.lu)

Et wäert eng cool Nuecht ginn!
Bis dann,
– EAS-Ekipp